PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 26/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wirtschaft weiderzeleeden.

Déi gréisste Wirtschaftspréifungsgesellschafte vun der Welt, déi oft och als "Big Four" bezeechent ginn, beroden Entreprisen, maachen Auditten a bidden Servicer am Beräich vun der Fiskalitéit un.

Och de Lëtzebuerger Staat gräift vun Zäit zu Zäit op d'Servicer vun engem vun de Big Four zeréck.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kontrakter ass de Lëtzebuerger Staat an de leschte 5 Joer mat engem vun de Big Four agaangen?
   Wéi verdeelt sech d'Unzuel op déi eenzel Firmen?

2. Wéi vill Kontrakter, déi scho viru méi wéi 5 Joer ënnerschriwwe goufen, lafe mat deenen eenzelen Entreprisen aktuell nach?

3. Wéi vill Euro ëmfaassen d'Kontrakter, déi an de leschte 5 Joer ënnerschriwwe goufen?

4. Wéi vill Euro ëmfaassen d'Kontrakter, déi scho viru méi wéi 5 Joer ënnerschriwwe goufen, an aktuell awer nach lafen?

5. War et a kengem Fall, an deem e Kontrakt mat engem vun de Big Four geschloss ginn ass, méiglech, den Optrag un eng kleng oder mëttelstänneg Entreprise ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député